~~Lauerperlsbiergser Geidcer~~

# Et ass net fir haut.

## FARCE AN ENGEM AKT

Et wirke matt :

I. Yvette = Regisseur
2. Jeanny = Kinek
3. Jacqueline = Kinigin
4. Georgette = Page (fir der Kinigin d' Schléf ze droen.)
5. Renée = fir d' Geräuschkuliss
6. Danielle = Bühnenarbechter
7. Paulette = id
8. Claudine = id
9. Christiane = Eng Komerodin, de' luesse kent .

Decors :

E Kinèckstro'n, dien awer nach net ferdeg opgericht ass. e klengen Durchernén , we' et an enger Generalpro'f aus - geseit.

D'Jeanny setzt als Kineck ugedo matt Kro'n an Zepter um Tro'n.

D'Yvette stét zur Seit zimlech vir matt engem Rollenheft an e Bleistift an der Hand .

d'Renée stét matt allme'gliche Sachen fir Gedeisch ze machen hanner dem Tron ower eso' , dass d'Publikum et geseit.

D'Claudine schle't Nél an e Bried

d'Paulette streicht matt engem grosse Pinsel un engem Karton un.

Jeanny : (ganz feierlech ) Op mengem goldnen Kinekstro'n
Teschent mengem Zepter a menger Kro'n
Ziddert mei kinneklecht Herz ....

Renée : resselt matt enger Klibber

Jeanny : (fiert virun,nodem et d' Hand op d' Herz geluegt hat a sech geschuddert huet we' d' Renée geresselt huet )

we' d' Flamm vun enger Kirchekerz .
Mé , mei Gott a mei Kand
Wien an onsem ganze Land
De'd di gruschlesch Dod verzeihen....

(ganz energesch) An de Prisong wöll ech hié geheien ...
Gleich ass et em hié geschitt
Dié verfluchte Bandit

(d' Renée laut eng Klack oder schle't op a Gong)

Jeanny (fiert virun ) Seng lescht Stonn, de werd em lauden..

Yvette : (zimlech nervös zum Renée ) Zevill fre' ... ze vill fre' Renée .. du därfs dach ere'scht lauden nom Wuert "lauden " (zum Jeanny) An du Jeanny, du bass net kinneklech genug .. Du packs dein Zepter jo en we' e Biesemstill..(Di aner lachen) Ro'eg... dir braucht net so' domm ze lachen.. Hal dech recht Jeanny ... d' Jeft du bass dach e Kineck ... Alle hopp fänk erem vu vir un ... (zum Claudine) An du Claudine ..schlo deng Nél irgendwo' anescht an .. Et verstét é jo sein égend Wuert net ....

Claudine: an engems ass seng Sachen zesummepackt a kno'ttert..ech froe mech we'ni ass ech dem Kinneck sein Tro'n ferdeg kre'en.

Jeanny : Op mengem Tro'n ..ö... Op mengem geldnen Kinneckstro'n
Teschent mengen Zelter ...

Yvette: (ongedelleg) Zepter ...

Jeanny : Töschent mengem Zepter a menger Kro'n
Ziddert mei kinnecklecht Herz

(d' Renée resselt )

We' d' Flamm vun enger Kirchekerz ..

Ma mei Gott a mei Kand
Wién an onsem ganze Land
De'd di gruschlech Dod verzeihen ....

An dem Moment kent d' Danièlle eran, get op den Ze'wen lascht d'Yvette a virum Jeanny bis bei d' Paulette a frét :

Danielle: So , hues de meng Sé ne'erens gesin ..

Paulette: (äntwert net ma weist op d' Yvette an op d' Jeanny fir ze soen dass se pro'fen, bekuckt d' Danielle ganz be's a fiert en mam Pinsel op d' Nues an engems ass e Geste matt der Hand mecht dass et sech soll verze'en.

Yvette : (zum Danielle) Ass dir nach net opgefall dass mer pro'wen.. Verschwann wann ech gelifft vun der Bühn.. Komm ons net hier ste'eren.

Danielle: Bon ... bon ... ech gi jo schon... ma ech muss meng Sé awer hun ...

Yvette: (zum Jeanny) Virun : De'd di gruschlech Dod verzeihen...

Jeanny :

De'd di gruschlesch Dod verzeihen ...
An de Prisong well ech hié geheien
Gleich ass et em hié geschitt..
Dié verfluchte Bandit
Seng lescht Stonn, de' werd em lauden ...

( d' Renée laut ..d'Jeanny fiert virun :)

O jéminé , o mei , o mei ...
Wat hun ech dach eng Charge elei ...
A menger kinneklecher Hand
Gere't den Zepter ausser Rand a Band ..

(d'Renée tut op enger Trompette , d' Jeanny fiert virun :

Omescht tut ... dât ass d' Signal
Elo kent d' Kinnigin an hirem blatzeg grenge Schal.

Eng zimlech lang Pauss, d'Jeanny kuckt verzweifelt zur Kuliss eraus wo' d' Kinnigin soll erakommen ..

Yvette : (rifft ) Dajé Kinnigin ... t'ass un dir ...

Jacqueline : (streckt de Kapp zur Dir eran) Ech fanne mei Schal net ..

Paulette: (sprengt op ) Ma dié leit dach ... ech hun en dach nach ele'nescht gesin .... (hatt left eraus )

Yvette : (zum Jeanny ) Du gefälls mer net ... du bass zevill force'ert ... Schwätz me' natirlech ... du muss dat hei ganz niddergeschlo soen : (hatt mecht em et fir )

O jeminé , o mei , o mei
Wat hun ech dach eng Charge elei
An menger kinneklecher Hand
gere't den Zepter ausser Rand a Band.

Hues de verstan .. an dann deng Haltung.. emmer nach net we' e richtige Kinneck ...

Jeanny : Wo' soll ech da kennen e richtige Kinneck nomachen..ech hun nach ké gesin ..

Yvette: Ma du hues dach de Baudouin an de Bumibohl gesin we' se hei waren ..

Jeanny : De' waren awer net so' veremcht we' ech.. Wât gengen d' Leidd lachen, wann haut so' e Muster vun engem Kinneck de ke'm we' ech ..........

Jacqueline: wât an heller Vitesse eragerannt kent .. e Page hannendrun dien d' Schléf dre't ..Jacqueline huet eng lächerlech Perreck op a set an engem Otem .. " Hei sin ech , de Schal war hannert dien ale Schaf getrollt ...(zum Kinek)

O mei Kinneck , mei gele'fte Mann
Losst .......

Yvette : (ennerbrecht) Stop ... Um Gotteswellen.. so' durfs de dach net era kommen ... An dann di Perreck ... Schrecklech.. Ass dat deng Perreck fir mar ...

Jacqueline: Majo secher , gefällt se der net ...?

Yvette : Hues de dech schon an de Spigel gekuckt .. Onhémlech ..

Jacqueline: Ma mei Brudder huet se aus Ficelle gemach ...

Yvette : (ganz be's) Dajé alt .. mer schwätzen herno nach driwer.. Loss mer um Gotteswellen viru pro'fen ... Ge' aus .. a komm eran we' eng Kinigin ...

An engems ass et mam Page aus gét,get en Donnerschlag Et ass d' Renée , dat e Steck Blech resselt fir den Donner z'imite'eren ..

Yvette: (rosen ) Wât gét dech dann elo nés un ?....

Renée : Ma ech prepare'eren den Donner... ech soll jo geschwenn hei donneren ....

Yvette: Durfir ass ower nach wahrhafteg Zeit genug ..du donners dach ere'scht am zwéten Akt ...

Renée : Ech installe'eren mech awer schon hannert d' Kulissen

Yvette: Am ieschten Akt musst de dach hannert dem Tro'n stoen .. (emmer me' nervös) ech froe mech wat erem eng Ke'er get. d' Wés ech nach kén seng Roll zerguddzert..

Kineck : Du flüsters jo ..

Yvette: En alen Dreck .. et get net geflüstert ... Virun ...

( Jacqueline kent eran .) "

Yvette: eraus soen ech .. dat get jo neischt .. Du muss direkt kommen wann de Kinek bei ausser Rand a Band ass..." An de' wann ech gelifft deng abscheilech Perreck af.. (zum Jeanny ) Nach eng Ke'er ... Fänk un .. o Jeminé ...

Jeanny: O jeminé,o mei , o mei .
Wât hun ech dach eng Charge elei ...

a menger kinneklecher Hand
gere't den Zepter ausser Rand a Band

Jeanny hält op , bekuckt d' Renée a set :

... an d' Tût ?...

Renée : (sicht a sengen Gedeischinstrumenter) Meng Tut ?.... wo' ass de' dann hin ?....(hat fent se , tut an d' Jeanny fiert virun :

Omesch tut , det ass d' Signal
elo kent d' Kinigin an hirem blatzeg grenge Schal .

Jacqueline: (kent eran hieft d' Hänn flehentlech ge'nt de Kinek

O mei Kinek , gele'fte Mann
Losst Gerechtegkét eran,
erspuert ...

An dém Moment kent d' Danielle erän (d' Nues nach ammer vum Paulette sengem Pinsel beschmiert) get iwer d' Bühn bei d' Renée a fret:

Danielle : Hues de meng Sé net gesin ?... Wo' ass d' Claudine drun ..ech muss et hun fir Nél anzeschloen ..

Yvette :(ongedelleg) Um Himmelswellen, bass du schon erem hei.. Wât häss de gär ?

Danielle : Ech hätt gär meng Sé ...

Yvette : Huet kén seng Sé gesin ?... (si äntwerten all" NEEN "..) Geseis de d'huet kén se gesin ... Mach dech ewech a loss eis pro'fen ..Jacqueline , nach èng Ke'er ..

d'Jacqueline get mam Page erem bis aus kent gleich eran a fiert virun :

O mei Kinneck , gele'fte Mann
Losst Gerechtigket eran
erspuert
de Muerd ..
O, mei gro'sse Pröнz ...

An dem Moment billt d' Renée ganz hart hannert der Kuliss..

Yvette : ( verzweifelt ) A wat ass dat dann schon erömm ??

Renée : (kent eran ganz verwommert ) Ma ech sin dach den Hond .. Ech muss dach beim"Prönz " billen ..

Yvette : (kuckt a senge Papeieren , de' schon zimlech durchernén sin) : Ma nén ... du bills an der 3 Szen vum 5. Akt beim Wuert " klenge Prönz " ... an net beim " Gro'sse Prönz " .. Verhal dat wann ech gelifft .. dass de mar net erem beim gro'ss Prönz bills .. Wanns de neischt ze din hues , dann hellef dem Danielle seng Sé sichen ... Komm , mir fuere weider ...

( d'Renée get aus )

Jacqueline : O, du mei gro'sse Prönz
bezuel dach net matt gleicher Mönz
dein élste Brudder , dems du eso' midd
Weil e go'f .......

Et he'ert én vun hanner de Kulissen donneren ..

Yvette : (wat mengt et wär d' Renée jeitzt) Ma Renée bass de geckeg
Ech hun der dach gesot dass de ere'scht am zwéten Akt
solls donneren ...

Renée : (kent schnell eran ) Ma ech hun neischt gemach ... et ass
e gellegt Wieder ...

Yvette : Da macht hurteg d' Fensteren zo' .. (d' Paulette rennt
iwert d' Bühn fir d' Fensteren zo' ze machen, et he'ert
en et schon erem donneren..) Dat huet eis lo grad nach
gefelt , lo misst d' Elektrescht ach nach ausgoen ..
Loss mer hurteg nach eng Ke'er ufänken ..

Jacqueline: (O, du mei le'fe klenge Prönz ..

Yvette :(ennerbrecht) Gro'sse Prönz, Efalt .. soss billt d' Renée..

Jacqueline: O, du mei gro'sse Prönz
bezuel dach net matt gleicher Mönz
Dein élste Brudder dems du eso' midd
Weil e go'f en urge Bandit ...
Trotz der schwe'rer Familjeblamage
Huet hien gewisen Heldecourage
Wé's de wés , an der leschte Schluecht
Huet hie munchen an d' Gras geluegt...

Yvette : (ass zum Jacqueline gedrént a suive'ert den Text op
sengem Blad, so' dass et net geseit , dass de Kineck
vu sengme Tro'n erof gung , we' d' Jacqueline seng
Tirade opgesot huet .. oni op zekucken set et:

An elo ...

Jacqueline : Ech si ferdeg ...

Yvette : Dat wés ech ...(hat drént sech zum Kineck) Wo' ass dat
dann elo hin .. Jeanny, Jeanny ... wo' bass de ?...

Jeanny : (kent erem) Ma ech wollt s' Sé siche goen ..ech mengen
si lig dohannen am Sall .. ( wo' et sech mache le'sst
kann et evtl.vun der Bühn erof goen bis fir an de Sall,
an erem se'er zreck lafen, wann d' Yvette rifft ..

Yvette: (iergerlech) Ma dir macht de Geck matt mir..mengt der
vleicht ech steng vu Plese'er hei ... Dir schengt ze ver-
giessen, dass mer an der Generalpro'f an nach ve'er Akten
ze pro'fen hun ..Jacqueline , fänk nés beim Prönz un ..
a Jeanny huel eng kinnecklech Haltung an ...

Jacqueline: O du mein gro'sse Prönz ..

( d' Claudine gét an dem Moment matt enger Leder iwer
d' Bühn .. d' Jacqueline verle'ert de Fuedem )

Bezuel dach net matt gleiche Souen ..

Yvette : Matt gleicher Mönz ..

Jacqueline: Matt gleicher Mönz dein elste Bandit ..
du bass dongem Brudder eso' lang scho midd ..

Yvette : (ganz rosen ) O ech denger och ..

Jacqueline : (fiert virun ) Trotz dem schwe'eren Heldecourage
Huet hien dach bewissen Familgeblamage ..
Du we's dach an der leschter Schluecht
Huet hié m u n c h e_s_ an d' Gras geluegt

Yvette : ( Du Dreibitz ... M u n c h e n_ net m u n c h e s_
Le'er deng Roll .. Konzentre'er dech dach , du sés jo
alles durcherén .

Jacqueline: ( Dat ass d' Claudine an d' Schold .. dass ech munches
an d' Gras geluegt hun ..

Yvette : So et elo nach eng Ke'er .. an dann net so' geleiert..
( et he'ert én erem donneren, d' Yvette wat nach emmer
mengt et wär d' Renée mecht eng Fauscht zur Kulisse
a deitzt..
Oooo... du ... wanns de net op häls matt
Donneren, dann halen ech op ...

Renée : Ma ech machen jo neischt .. et ass richteg gedonnert ..

Yvette : (mecht e sichtlechen Effort fir seng Ro' ze behalen..)
So' komme mer jo absolut net virun.. Jeanny reckel
deng Kro'n richteg a'fuer du virun, d' Jacqueline wärt
jo mar munches richteg soen ..

Jeanny : O, meng le'f Kinigin
Dir wesst , we' ech ért Léd verstin ..
An äre gro'sse Schmierz
brecht mir mei kinnecklecht Hierz ..

Yvette : (be's) Renée , wo' bass de dann, du muss dach rabbelen
wann dem Kinneck sein Hierz brecht ...

Renée : A jo .. wo' muss ech scho me' rabbelen ..?

Yvette : Ma op der lenker Seit .. hannerm Tro'n ..

( d' Renée get en Coup sec op der Klipper. )

Renée: Ass dat richteg , oder muss ech nach me' rabbelen .?

Yvette : (be's) Hal op matt denge Witzen .. Virun , u wem ass
et .
(An dem Moment kent d' Christiane eran , ganz
modern an engem Trench .)

Christiane: Moie Kanner ... kritt der Fréd .. hatt get jidderen-
gem d' Hand .. Wât ass dât e Wieder dobaussen..

Yvette : (rosen) Dat huet nach grad gefelt ..

Christiane : Dât Wieder ?...

Yvette : Ma nén du .. dù geseis jo .. dass mer pro'fen an dass nach neischht klappt .. Setz dech an en Eck .. a bouge' er net ..

Christiane: (verzitt sech op en Hocker am Eck .. ech duecht dir wärt so' weit ferdeg..Wo' sitt der drun ..

Jacqueline : Ma wo' dem Jeanny sein Herz brecht, an der dretter Szen am ieschten Akt

Yvette : (ongedelleg) Fuert um Gotteswellen virun.. Jeanny.. dajé ..

Jeanny :
O , meng le'w Kinigin
Wir wesst we' ech ért Léd verstin
An äre gro'ssen Schmierz
Brecht mir mei kinnecklecht Hierz..
Me alles kann neischt dengen ..

(bedenkt sech e Moment a sét se'er) d' Renée huet net gerabbelt

Yvette : (ongedelleg) fuer nomme virun, wann et mar rabbelt, dat gét duer ...

Jeanny :
Me alles kann neischt dengen
Do'd mussen se hien brengen ...
Et ka mech neischt me' zössen ... öö.. zössen ...

Yvette : Meng Gutthét ...

Jeanny : We' ?.. a jo , meng Gutthét deng en net verquössen
Hien ass en do'degt Schof ..

Yvette : Néeeen.... Hien ass vum gudde Wé erof ..

Jeanny : Hien ass vum gudde Wé erof ..
Tre'scht dech , du mei Schof ...

(zum Jacqueline ) a jo .. du bass d' Schof ..

Him ke'm kaum de Gedanken ..

Jacqueline ( zerstrét ) Wém ?...

Yvette : Lo get et awer duer.. Him ke'm kaum de Gedanken
Dir a mir ze danken ...
fuer viru Jacqueline.. d' Jeanny muss seng Roll nach émol ganz zerguddzert durchliesen soss blame'ért et èis erom alleguer ...

Jacqueline: O Prönz , o mei Gebidder ..
Op d' Kne'en falen ech vrun iech nidder ..

( hatt le'sst sech falen )

Yvette : Ma Renée da knupp dach, wann d' Kinigin op d' Kne'e fällt ..

( d' Renée schle't op eng helze Kescht.)

Jacqueline ( op de Kne'en virum Kinneck )

Sitt dach nömmen hallef so' well
Sitt e beschen me' möll

Zösst är Roserei ..
Kuck är Fra elei
Hirt tre'neverwäschent Gesicht
Hir Aerm op iech gericht

Yvette : Stop ... Du muss dach schluchzen .. A wo' ass d'Schossel mam Wasser , du muss der dach Gesicht mam Schwamb nass machen ..

Renée : (se'er ) O dat hat ech vergiess.. Hat zapt de Schwamb an eng Schossel mat Wasser a get dem Jacqueline en ..

Jacqueline: Mar musst de mer hémlech hanner dem Tro'n eraus gin dass ech mer d'Gesicht hanner mengem Schal nass machen wann ech bei " är Fra elei kommen " (hat fängt nach eng Ke'er un :

Zösst är Roserei
kuckt är Fra elei ...
(mecht sech d' Gèsicht nass )
Hirt tre'neverwäschent Gesicht ..
Hir Arm op Iech gericht ..

Christiane: Kanner, wann mir alt Succés heimatt hun, ech hun neischt so' dreckenes gesin ..

Yvette : Wât solls du wössen .. di Szen ass emmer nach net natirlech genug .. nach eng Ke'er .

Jacqueline:
Kuckt er Fra elei ...
Hirt verdrechent Gesicht ..

Yvette : Wo' kens de dann elo un dat verdrechent Gesicht ...

Jacqueline: d' ass d' Christiane an d' Schold ..

Yvette : Virun .. Hir Ärem op iech gericht
Jeanny .. et ass un dir ..

Jeanny : Je'mer net , hien kritt sein Lo'n
no enger edler Kinneckstraditio'n ..

(Donnerschlag )

Yvette .. (mengt et wär dat richtegt Wieder ) Dat verflixten Wieder ... nach emmer am gang ...

Renée : Nén, ech war et ... War dat dann net Platz wo' ech sollt donneren ..

Yvette : Renée , du mechs et express .. we' dack hun ech der scho gesot .. Geff dach endlech uecht ...
Jacqueline , fänk nach eng Ke'er un .. a gef des Ke'er uecht op dat verdrechent Gesicht ..

Jacqueline: (spillt des Ke'er extra gudd.. hat sprengt op , werft sech erem nidder , de Page muss all Ke'er ganz se'er Schléf op hiewen , nidder léen .. Hatt schluchst, streckt seng Arem dem Kinneck entge'nt .

Zösst är Roserei
Kuckt är Fra elei
Hirt treéneverwäschent Gesicht
Hir Aerm op iech gericht ..

Jeanny : Je'mer net , hien kritt sein Lo'n
no enger edler Kinneckstraditio'n ..

Während di zwé hir Tirade soen, ass d' Danielle op de Zwe'wen erakom a sicht am Renée sengem Material , d'Renée ste'st et mam Ielbo' fort.. d' Danielle kuckt enner den Tro'n a beim leschte Wuert sprengt et triumphierend virun d' Yvette ..

Danielle : Hei ass se .... Ech hun d' Sé font ... Wo' ass d' Paulette fir mer ze hellefen, dat wart dach bal matt senger Uschmiererei ferdeg sin ..

Yvette : Nén ... o nén ... ech kann net me' ... well ass et eso' gang ... Danielle, ge' um Gotteswellen vun der Bühn.. Jeanny fänk nach eng un bei Jemer net ..(né wart nach e beschen , deng Kro'n ass erem geretscht , ass dann do neischt ze machen .

(Während hatt um Kinneck senger Kro'n schafft.. an d'Danielle wellt just ausgoen kent d'Paulette matt engem Papeier dié fresch matt Farw beschmiert ass ) .

Danielle: A do bass de Paulette .. kanns de mer upacke kommen.. ech hun elo endlech meng Sé erem fonnt ..

Paulette: Jo , gleich ... ech léen grad nach mei Papeier hei nidder ... (hat lét de Papeier op e Stull , dien zimlech fir op der Bühn stét , et kann och en einfachen Hocker sin , a get dann aus )

d' Yvette huet neischt dervun gesin hatt kent hannerecks vum Tro'n, wo' et dem Jeanny seng. Kro'n richt gesât huet bis bal bei de Stull, wo' de Papeier drop lét ...

Jeanny : Jemer net ... hien kritt sei Lo'n ..
no enger edler Kinneckstraditio'n..

An dem Moment kent d' Claudin erem matt der Leder vun der anrer Seit iwert d' Bühn . vu baussen he'ert én matt der Sé un eppes séen so' hart we' et nömme gét..

Yvette : (helt sech d' O'eren zo' ... Née .. Kanner .. et ass net me' auszehalen .. ech gin et op ... Hatt setzt sech op dié Stull mam freschugestrachene Papeier .. a greift sech an d' Hoer ... dann op émol sprengt et ganz décide'ert op .. matt engem gro'ssé Fleck hannen um Schirteg. Hatt ass mam Reck zum Publikum gedrèt a gesticule'ert ganz verzeifelt :

Enner dene Conditio'nen kann ech net me' mattmachen ..

d' Jacqueline stét op . d' Claudine , d' Paulette an Danielle kommen eran, si bekucken sech ganz domm .. d'Y - vette iergert sech virun a räft an engems seng Rolle - blieder zesummen .. Nén .. dir macht jo förmlech de Geck matt mir ... sicht iech en aneren Efalt fir matt iech ze pro'fen ... Ech gin .. äddi ...

( Hatt gét an enger Roserei aus )

Di aner stin e Moment we' erschlo, d' Renée le'sst beim Wuert "äddi " seng Klipper falen .

Jeanny : Zut .. dat do huet eis lo grad gefelt .. Wat mae mer dann elo.

Jacqueline: Ja ... wat solle mer machen ... ?

Christiane: Ma mir spillen einfach oni Text ..

Jeanny : Oni Text ????? ....

Christiane: Majo kloer ... den Text ass so'wiso' idiotesch ..
Dat ganzt Steck ass vill besser an enger Pantomine ..

(zum Publikum ) Dir Dammen an dir Hären: Dir gesitt elo :

Et ass D A C H fir H A U T ,

e Melodrama aus der Zeit vum Stommfilm ..

Mir fänken direct un :

(Di Pantomim muss ganz gudd gespillt gin , eng gudd astude'ert Mimik an d' Renée muss d' Gedeischkuliss ganz exact bedengen .)

Si gin all aus , de' bis elo net mattgespillt hun,hun Zeit fir hurteg hir Kleder unzedin während de Kineck an d' Kinigin schon di e'scht d' Szen spillen. d' Jacqueline get aus , d' Jeanny fänkt un .. Hatt setzt e beschen ganz richt do .. lét duerno d' Hand op d' Herz a schuddert sech ( d'Renée resselt matt der Klibber ) d' Jeanny ass rosen a mecht eng Fauscht a weist dann matt der Hand fir de Prisong ze bezechnen .. ( d' Renée laud dann tut et matt der Trompette )
d' Kinigin kent eran, bleiwt t'iescht stoen.. hieft d' Hänn zum Kinneck , werft sech op d' Kne'en .. schluchst , reift sech mam Schwamb , dien et evt. kann ausdre'nen , we' wann e voller Tre'ne wär , De Kinneck mecht abweisend Bewegungen, wellt net op d' Kinigin he'eren , de' sprengt op a biedelt de Kinneck.. (de Page muss emmer rondem d' Kinigin jaufen fir d' Schléf bal opze hieven , bal nidder seléan oder richt ze ze'en.. De Kinneck sprengt nervös vum Tro'n op a resselt d' Kinigin de' sech un e klammere wellt of .. ( et donnert ganz hart ) d' Kingin erfe'ert an dreckt sech un de Kineck, dien se an seng Aerem helt ..
( d' Renée tut ) Era kent e Ritter evtl. op engem Pärd ( e Biesemstill matt engem Pärdskapp drun .. wann net muss e gleich bannt der Kuliss machen , we' wann e vum Pärd geng sprangen Hie rècht dem Kinneck e Bre'f a verschwennt ( et he'ert én Pärdsgalopp (matt den Hänn op d' Kne'en schloen ) .
De Kinneck le'st de Bre'f ... weist der Kinigin en ... de' liest a fällt schwach am Kinneck sengen Aerem.. Hien fe'ert se bis bei den Tro'n wo' se sech widdersteipt .. Da liest hien de Bre'f nach eng Ke'er, greift sech an d' Hoer .. mecht e Geste zur Kulisse aus fir én erbei ze ruffen.. Et kent e Page , dem en O'rder gèt sei Pärd erbei ze brengen .. Hie sprengt drop a rennt am Galppp fort.

De Page fillt der Kingin hire Bols . erfe'ert.. a rennt wat e renne kann aus ....

Et donnert erem eng Ke'er ... d' Kinigin erwecht .. a wellt opstoen ... da kent vu baussen e Seeräuber .. Dié kuckt sech no alle Seiten em .. zitt sei Säwel .. si wellt sech wieren et kann se neischt dengen ... ái kret e Coup -- fällt op de Buedem .... ( et he'ert én en Hond billen ) De Reiber erfe'ert a

verschwennt . Den Hond kann evtl.op d' Bühn kommen ( Eng Mask vun engem Hond virum Gesicht an eng gro Decken iwer de Reck ) Hie get bis bei d' Kinigin beschnuppert se .. leckt hir d' Hand a fängt dann erbärmlech un ze haulen .. De Kineck kent erem .. geseit d' Kingin do leien .. mecht e verzweifelte Gest , werft sech bei d' Kingin op de Buedem .. a resselt se.. d' Kingin weist matt engem schwachen Geste op d' Dir wo' de Reiber fort gelaf ass... De Kinneck sprengt op a rennt zur Dir aus ... den Hond fänkt erem zu haulen .. d' Kingin versicht sech op ze richten, fällt zreck an do'd ass se ... De Kinneck kent erem eran .. gefollegt vun zwe'n Gendarmen de' den Reiber a Ketten an der Mett un ... De Reiber reisst un de Ketten a wellt sech lass machen .. Hie rabbt sech tatsächlech lass, wellt fortlafen, ma get vum Kineck erstach a fällt em ... d' Gendarmen gin zaldoteme'sseg fort ... (evt. én hannerum dem aner am Schrack gauche,droite ) de Kinneck werft sech op d' Kne-en bei d' Kinigin a schluchst , dien Hond billt virun ..

Da fällt d' Rideau .

---

Fir d' Mederchesbühn arrange'ert vum R. H. , L. M.

a vum Service du théâtre , Action Catholique Féminine ,

3, Place du théâtre

L e t z e b u r g

---